LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Famille, des Solidarités,
du Vivre ensemble et de l'Accueil

**Äntwert vum Minister fir Famill, Solidaritéit, Zesummeliewen an Accueil Max Hahn op d'parlamentaresch Fro n°2471 vun den honorabelen Deputéierten Georges Engel a Ben Polidori iwwer d'Allocation de vie chère.**

*1) Wéi vill Beneficiairë vun der AVC kréien dës Hëllef automatesch ausbezuelt, well se och den REVIS bezéien? Wéi vill mécht dat par rapport zu der Gesamtzuel u Beneficiairë vun der AVC aus? Wéi gesinn dës Zuelen opgeschlësselt op déi lescht 5 Joer aus?*

Fir den Exercice 2025 hu Stand 1. Juli 2025 25.013 Persounen déi de Revis kruten d'Allocatioun de vie chère automatesch ausbezuelt kritt. Dat entsprécht 55,49% vun all de Leit, déi dësen Exercice d'Allocation de vie chère an d'Energieprimm schonn accordéiert kritt hunn. Et muss een allerdings ënnersträichen, dass nach bis den 31. Dezember 2025 Demanden eragereecht kënne ginn.

Et gi keng Zuele fir déi lescht Joer, well dësen Automatismus eréischt den 1. Januar 2025 agefouert gouf.

*2) Wéi vill Leit déi d'AVC kréien, bezeien och Kannergeld? Wéi vill mécht dat par rapport zu der Gesamtzuel u Beneficiairë vun der AVC aus? Wéi gesinn dës Zuelen opgeschlësselt op déi lescht 5 Joer aus?*

| Exercice | Bénéficiairen déi d'Kannergeld fir een oder méi Kanner kréien | Total vun allen Bénéficiairen | Rapport |
|---|---|---|---|
| 2024 | 16.784 | 78.221 | 21,46% |
| 2023 | 15.971 | 74.522 | 21,43% |
| 2022 | 16.017 | 74.365 | 21,54% |
| 2021 | 12.411 | 57.456 | 21,60% |
| 2020 | 12.834 | 59.231 | 21,67% |

*3) Wéi vill Leit, déi d'AVC kréien, bezéien och den RPGH? Wéi vill mécht dat par rapport zu der Gesamtzuel u Beneficiairë vun der AVC aus? Wéi gesinn dës Zuelen opgeschlësselt op déi lescht 5 Joer aus?*

| **Exercice** | **Bénéficiairen déi och den RPGH kréien** | **Total vun allen Bénéficiairen** | **Rapport** |
|---|---|---|---|
| 2024 | 1.531 | 78.221 | 1,96% |
| 2023 | 1.466 | 74.522 | 1,97% |
| 2022 | 1.448 | 74.365 | 1,95% |
| 2021 | 1.235 | 57.456 | 2,15% |
| 2020 | 1.255 | 59.231 | 2,12% |

*4) Wéi vill Leit, déi d'AVC kréien, profitéieren och vun enger Loyerssubventioun? Wéi vill mécht dat par rapport zu der Gesamtzuel u Beneficiairë vun der AVC aus? Wéi gesinn dës Zuelen opgeschlësselt op déi lescht 5 Joer aus?*

Dës Informatioun gëtt net vum Fonds national de solidarité erhuewen. Am Kader vun der Bekämpfung vum Non-recours vun de Sozialleeschtungen ginn et allerdéngs Beméiungen weider Synergien tëscht de concernéierte Ministèren ze schafen an den Zougang zu de finanziellen Hëllefen ze vereinfachen. Ee wichtege Schrëtt an déi Richtung ass notamment d'Schafe vun engem Guichet social, wou d'Leit all d'Informatiounen zu den existenten Hëllefen op enger Plaz kënne fannen, inklusiv engem Simulateur fir erauszefanne fir wéi eng Aiden si eligibel kéinte sinn.

*5) Wéi vill Leit, déi d'AVC kréien, hunn och e Revenu aus enger Aarbecht? Wéi vill mécht dat par rapport zu der Gesamtzuel u Beneficiairë vun der AVC aus? Wéi gesinn dës Zuelen opgeschlësselt op déi lescht 5 Joer aus?*

| **Exercice** | **Bénéficiairen déi och en Revenu aus enger Aarbecht bezéien** | **Total vun allen Bénéficiairen** | **Rapport** |
|---|---|---|---|
| 2024 | 31.332 | 78.221 | 40,06% |
| 2023 | 29.537 | 74.522 | 39,64% |
| 2022 | 28.956 | 74.365 | 38,94% |
| 2021 | 19.835 | 57.456 | 34,52% |
| 2020 | 21.881 | 59.231 | 36,94% |

*6) Wéi vill Leit, déi d'AVC kréien, kréien och eng Altersrent ausbezuelt? Wéi vill mécht dat par rapport zu der Gesamtzuel u Beneficiairë vun der AVC aus? Wéi gesinn dës Zuelen opgeschlësselt op déi lescht 5 Joer aus?*

*7) Wéi vill Leit, déi d'AVC kréien, kréien och eng Invaliderent ausbezuelt? Wéi vill mécht dat par rapport zu der Gesamtzuel u Beneficiairë vun der AVC aus? Wéi gesinn dës Zuelen opgeschlësselt op déi lescht 5 Joer aus?*

D'Invaliderenten, d'Altersrenten an d'Iwwerliewensrenten gi vum FNS beim Traitement vun den Allocation de vie chère-Dossieren net separat erfaasst.

| Exercice | Bénéficiairen déi och eng Altersrent, eng Invaliderent oder eng Iwwerliewensrent bezéien | Total vun allen Bénéficiairen | Rapport |
|---|---|---|---|
| 2024 | 6.593 | 78.221 | 8,43% |
| 2023 | 6.201 | 74.522 | 8,32% |
| 2022 | 5.937 | 74.365 | 7,98% |
| 2021 | 4.080 | 57.456 | 7,10% |
| 2020 | 4.149 | 59.231 | 7,00% |

Lëtzebuerg, den 2. September 2025

Minister fir Famill, Solidaritéit, Zesummeliewen an Accueil

(s.) Max Hahn